# de Budget 2026



**Ried vum Finanzminister Gilles Roth**

**08.10.2025**

## MATENEE WUESSEN.

**Seul le texte prononcé fait foi*

*Version finale*

1. Introduktioun: Matenee fir méi Wuesstem ..... 2
2. Internationaalt Ëmfeld a gesamtwirtschaftleche Kontext ..... 4
2.1. Internationaalt Ëmfeld ..... 4
2.2. Gesamtwirtschaftleche Kontext ..... 5
3. Eckdate vum Budget ..... 7
3.1. Zentralstaat ..... 8
3.2. Sécurité sociale ..... 9
3.3. Gemengen ..... 10
3.4. Gesamtstaat ..... 10
3.5. Staatsschold ..... 10
4. Zilsetzunge vun der Budgetspolitik ..... 11
5. Prioritéite vum Budget 2026 ..... 16
5.1. Ee Budget fir ee Lëtzebuerg als verlässlechen internationale Partner ..... 16
5.1.1. Verdeedegung & Baussecht Sécherheet ..... 16
5.1.2. Méi Entwécklungshëllef ..... 19
5.1.3. Méi Finanz- a Wirtschaftsdiplomatie ..... 19
5.2. Ee Budget fir méi sozialen Zesummenhalt heiheem ..... 20
5.2.1. Fir d'Famill, d'Kanner an d'Leit alleguerten ..... 21
5.2.2. Fir méi bezuelbare Wunnengsbau ..... 24
5.2.3. Fir déi méi Schwaach an eiser Gesellschaft ..... 26
5.2.4. Fir eng gutt Gesondheetsversuergung fir Jiddereen ..... 28
5.2.5. Fir d'Leit op der Sich no enger Aarbecht ..... 29
5.2.6. Fir méi Mateneen: Bildung, Kultur a Sport ..... 30
5.3. Ee Budget fir eng nohalteg Wirtschaft ..... 35
5.3.1. Mat enger staarker Finanzplaz ..... 35
5.3.2. Mat enger méi digitaler an innovativer Wirtschaft ..... 37
5.4. Ee Budget fir e nohaltegt, modernt a séchert Land an engem staarke Staat ..... 44
5.4.1. Mat méi Digitaliséierung ..... 44
5.4.2. Mat méi Nohaltegkeet ..... 46
5.4.3. Fir méi Mobilitéit ..... 48
5.4.4. Fir e staarke Staat ..... 51
6. Ausbléck a Conclusioun ..... 54

## 1. Introduktioun: Matenee fir méi Wuesstem

***Här President, Dir Dammen an Dir Hären,***

- Eise **Mateneen** ass **d’Fundament vun eisem Wuesstem**.
- Eise **Wuesstem** ass d‘**Resultat vun eisem Mateneen.**
- Eise **Sozialmodell** an eise **Wirtschaftsmodell** sinn **zwou Säite** vun eisem **Lëtzebuerger Wuesstemsmodell**.
- Zwou Säite vun **enger Medail** déi sech net trenne loossen. Déi **onzertrennlech** matenee verbonne sinn.
- Zwou Säite, déi **Matenee wuessen.**
- Dat ass eise **Lëtzebuerger Wee**.

***Här President,***

- Mam **Trounwiessel** schloe mir elo en **neit Kapitel** vun eiser **Geschicht op**
- Een **Neiufank** als **Stäerkung vun eisem Mateneen.**
- Fir dëse **Matenee** stoungen de **Grand-Duc Henri** an d’**Grande-Duchesse Maria Teresa.**
- Vun **Häerze Merci** fir hiren **Engagement!**

- Fir dëse **Matenee** stinn elo **grad esou** de **Grand-Duc Guillaume** an d'**Grande-Duchesse Stéphanie.**

- De **Mateneen** hu mir iwwert de leschte **Weekend gespuert**. Op ville Plazen uechter d'Land.

- Dëse **Matenee** mécht **Mutt**.

- Besonnesch an enger **Zäit**, an där **vill Leit** sech **Suergen ëm d'Zukunft** maachen. Suergen déi mir Eescht huelen.

***Här President,***

- An **onsécheren Zäiten** – geopolitescher awer och makroekonomescher – muss d'Politik – muss d'Finanzpolitik – de **Leit Sécherheet ginn**.

- **Matenee wuessen** heescht och **Matenee neit Vertrauen** opbauen.

- Ee vun den **zentrale Message** vum Premier **Luc Frieden** bei der UNO: d'Gewëssheet vun der Hoffnung!

- **Vertrauen an de Staat**. Vertrauen an **d'Zukunft**. Vertrauen a sech **selwer**.

- Dëst Vertraue schaaft **Stabilitéit**. An duerfir **steet dëse Budget**.

- Fir méi **sozialen Zesummenhalt an Entlaaschtung**.

- Fir méi **Zukunfts-Invest an nohaltege Wuesstum**.

- Alles dat, an engem **Budget vum „Matenee wuessen"**.

## 2. Internationaalt Ëmfeld a gesamtwirtschaftleche Kontext

### 2.1. Internationaalt Ëmfeld

- Erlaabt mer ee kuerze Bléck **op New York**.

- Déi **Vereent Natiounen**, déi leider dacks ganz **onvereent** sinn, bréngen mech direkt bei déi **aktuell Weltlag**.

- Vu **Mateneen**, **net vill ze spieren**. Eng Welt am globalen **Duercherneen**.

- Tëschent **Ost a West**. Tëschent **Nord a Süd.**

- **4 Joer Ukrain**-Krich. Am **Noen Oste** keng Rou.

- Geféierlech **Handelskonflikter.**

- An eng **real Bedrohung duerch Russland**.

- **Kiew** läit **méi no bei eis** wéi **Malaga**. **Russesch Dronen a Fliger testen** all gudden Dag **d'Nato-Ostflank**.

- 36 Joer nom Kale Krich **keen Enn vun der Geschicht**,.

- Trotz **High-Tech- a KI-Fortschrëtter,** een **zivilisatoresche Réckschrëtt**.

- All dës **Ongewëssheeten**. All dës **Ofhängegkeeten**, **<u>net</u>** ouni **Impakt** op eise **Budget**.

- Bei den Einnamen. Besonnesch bei den Ausgaben.

### 2.2. Gesamtwirtschaftleche Kontext

***Wuesstem***

***Här President,***

- Wann de globale **Matenee feelt**, feelt och de **Matenee wuessen.**

- Bei eisen **Noperen – eise groussen Handelspartner – schwächt d'Wirtschaft**.

- Laut EU-Kommissioun kee Wuesstum an **Däitschland** dëst Joer. Fir **Frankräich** gëllt ee liichte Wuesstem vun 0,6%. Fir d'Belsch 0,8%.

- An der Eurozon: een **duerchwuessent Joer 2025**. Ee bescheidene Wuesstum vun **0,9%.**

- Also, **0,4% Prozentpunkte manner** ewéi dat läscht Joer nach geschat.

- Fir **2026** soll den **Trend an der Eurozon** — mat engem Wuesstem vun 1,4% — erëm **liicht no uewe** weisen.

- Laut **STATEC** soll déi **Lëtzebuerger Wirtschaft** dëst Joer ëm **1,0%** wuessen – dat läscht Joer si mir nach vun **2,7% Wuesstum fir 2025** ausgaangen.

- Eng Konsequenz vum **schwieregen internationalen Ëmfeld.**

- Fir **d'nächst Joer – eng liicht Reprise – mat 2%** Wuesstum. Laut STATEC an EU-Kommissioun. E wéineg **Liicht um Horizont.**

***Inflatioun***

- Bei der **Inflatioun stëmmt d'Richtung**.

- No Jore mat héijen Energiepräisser, geet **d'Inflatioun** an der **Eurozon weider zréck**.

- No **2,4%** am Joer **2024** an 2,1% am Joer **2025**. Just nach **1,7%** am Joer **2026** laut Europäescher Zentralbank.

- Fir Lëtzebuerg rechent de STATEC fir **2025** mat enger **Präisdeierecht** vun **2,1%. 2026** just nach mat **1,4%.**

- Dat, ënnert dem Afloss vun de Moossname fir de **Präis vum Elektreschen ze stabiliséieren**.

- Déi nächst **Indextranche** dierft dem STATEC no réischt am **3. Trimester 2026** erfalen.

***Aarbechtsmaart***

- **D'Aarbechtslosegkeet** bleift ze **héich**, vill ze héich.

- **D'Beschäftegung** wäert dëst Joer – laut STATEC – just ëm **1,0%** wuessen. **2026** ëm **1,5%**.

- Also, **ënnert der historescher Progressioun vun 3%.**

- Beim **Chômage** rechent de STATEC fir 2025 mat engem Taux **vu 6,0%.** 2026: **5,9%.**

- Déi **wirtschaftlech Lag** ass **ugespaant**. A ganz **Europa**.

- Dofir musse mer **d'Wettbewerbsfäegkeet vun eise Betriber** stäerken.

- Op **nei Technologie** setzen, **d'Innovatioun férderen** a **massiv** an d'**Zukunft investéieren**.

## 3. Eckdate vum Budget

***Här President,***

- D'**Eckdate vum Budget – no europäesche Comptabilitéits-Reegelen.**

### 3.1. Zentralstaat

- Mir komme **vu wäit hier.**

- Erënnert Iech un déi **prognostizéiert 3,25 Milliarden Euro** Defizit fir 2024 aus der Note fir de Formateur zu Senneng.

- Elo fir **2024** nach een Defizit vun 228 Milliounen Euro. Deemno eng zolidd **Verbesserung** vu ronn **3 Milliarden Euro**.

- Fir **2025** schreiwe mir no **9 Méint een Defizit vu ronn 521 Milliounen Euro**.

- Den **Defizit dierft Enn des Jores manner héich ausfalen**, wéi déi 1,29 Milliarde, vun deene mir ausgaange sinn.

- **D'Recette lafen aktuell gutt**. Mä, **manner dynamesch ewéi 2024 – een exceptionellt Joer.**

- **Fir d'Joer 2025** rechne mir mat **Einname vun 29,6 Milliarden Euro.**

- Fir **2026** viraussichtlech **Recette vun 31,1 Milliarden Euro.** Ee Plus vu +1,5 Milliarden Euro. Oder +4,9**%**.

- Ënnert anerem, duerch **d'Progressioun** bei der **Kierperschafts- a Gewerbesteier**.

- Mä och duerch eng **Erhéijung vun den Akzise vu 5,74% op den Zigaretten.** Méi ewéi 6% um lassenen Tubak.

- Mir féieren eis **Politik aus de leschte Jore weider**.

- **D'Ausgabe** klamme vu geschaten 30,8 Milliarden Euro 2025 op 32,6 Milliarden Euro 2026. Ee **Plus vun 1,8 Milliarden Euro. Oder +5,7%.**

- Den **Defizit** beim Zentralstaat wäert domadder 1,49 Milliarden Euro bedroen.

- **Jo, 2026** gëtt **méi ee schwieregt Joer**.

- Mä eis Finanzen si robust genuch fir enger **Welt am Ongläichgewiicht** Rechnung ze droen.

### 3.2. Sécurité sociale

- Enn **2026** wäerte mir ee **Solde vu +996 Milliounen Euro** hunn. Enn 2027 vu +615 Milliounen Euro.

- Eng **Konsequenz vum gebremste Wuesstum.**

- Mä grad hei kënnt de **Matenee** vum **Lëtzebuerger Modell** zum Ausdrock.

- Dat wäert och an Zukunft **sou bleiwen**.

### 3.3. Gemengen

- No engem liicht negative Solde am **Gemengesecteur** 2025 mat -129 Milliounen Euro, 2026 nees een **Iwwerschoss vu +85 Milliounen Euro**.
- **Um Enn vun der Legislatur** läit de Solde bei **+126 Milliounen Euro**.

### 3.4. Gesamtstaat

- De **Gesamtstaat** wäert **2025** viraussiichtlech mat engem **Defizit vun -706 Milliounen Euro** ofschléissen. **-0,8% vum PIB**.

- Fir **2026** soll sech de Solde op **-408 Milliounen Euro** verbesseren. **-0,4% vum PIB**.

### 3.5. Staatsschold

- Wa mer kucken, wou mir nach **2023 zu Senneng** stoungen, da steet eis **Staatsschold respektabel** do.

- An och **akzeptabel** an dëse schwieregen Zäiten.

- Jo mir wäerten och **an Zukunft** musse **Sue léine goen**.

- Fir déi **zousätzlech Ausgabe fir eis Sécherheet**. Fir de **méi héijen Invest**.

- Fir och **d'Schold** aus de vergaangene Joren **ze refinanzéieren**.

- Dobäi hu mer den **zweetniddregste Scholdestand** an der Eurozon. An déi **niddregst Zënslaascht**.

- A Prozenter vum PIB wäert **eis Schold stabel bleiwen.** Stand haut **ronn 27% vum PIB** um Enn vun der Legislatur.

- Wichteg fir den **Triple A**. Wichteg och fir **déi nächst Generatiounen**.

- A grad elo gëllt d'Wuert vum **Helmut Schmidt**: ***„Wat Wuesstem schaaft, dierf och mat Schold finanzéiert ginn."***

## 4. Zilsetzunge vun der Budgetspolitik

- **Lëtzebuerg – ee kléngt Land mat enger oppener Ekonomie.**

- **D'Weltkonjunktur schléit direkt op eise Wuesstem. An, op eis Finanzen.**

- Mir bleiwen duerfir **virsiichteg.** An de **Previsiounen.**

- **Awer méi no** bei der **Wierklechkeet.**

- Duerch eng **verstäerkt Zesummenaarbecht tëscht de Verwaltungen.** Mat **Informatiounsaustausch wann néideg a méiglech.**

- Duerch eng ëmmer méi **digitaliséiert Steierverwaltung. D'Differenz tëscht Avancen a Salden gëtt méi kleng.**

- Duerch eng Upassung vun der **Methodologie bei der Steierverwaltung.** Fir **Statec- Donnéeën** iwwer **Wuesstum an Emploi** besser ze verschaffen.

- Duerch ee méi **enkt Begleede vu grousse Steierzueler.** Fir **ze verstoe** wéi hir Zuelen sech entwéckelen**.**

- Eng **zilorientéiert, eng transparent Budgetspolitik –** och mat **neien Indicateuren.**

- Stéchwuert: **PIB du bien-être.**

- **Jo, matenee Wuessen** ass net just PIB-Wuesstem. Et ass och de **Wuesstem vum Wuelbefannen**.

- Fir de **Wuelstand an d'Liewensqualitéit** méi **ganzheetlech** ze **moossen**. An ze **verbesseren**.

- Mir hunn eis op eng Rei **Indicateure** verstännegt. Déi sech nach **kënnen entwéckelen**.

- **D'Ausgabe fir d'Wuelbefanne** belafen sech nächst Joer op **4,9 Milliarden Euro. 5,2% vum PIB.**

- Dovunner **3,3 Milliarden Euro fir d'Aarmut ze bekämpfen.**

- Bal eng **hallef Milliard** fir **d'Akommes ze stäerken.**

- A **409 Milliounen Euro géint ze héich Wunnkäschten.**

- **Mir befannen eis hei an engem Léierprozess.** D'Zuele wäerte méi präzis ginn. D'Indicateure wäerten evoluéieren.

***Nohalteg Staatsfinanzen***

- Am **Budget fir d'Joer 2025** si mer vun engem **Defizit** am Zentralstaat vun **1,3 Milliarden Euro** fir 2025 ausgaangen.

- Stand haut kënne mer de **Budgetsdefizit** halen. Jo **liicht verbesseren**. **Net selbstverständlech** an dësen Zäiten.

- Fir **2026** rechne mer mat engem **Defizit** am Zentralstaat vun **1,49 Milliarden Euro**.

- Jo, ronn **400 Milliounen Euro** méi ewéi am Pluriannuell vum leschte Joer geschat.

- Mä ganz wäit wech vun den **2,69 Milliarden Euro**, déi eis zu **Senneng** fir 2026 virgezeechent goufen.

- **Dat trotz** engem **ganz schwieregem Ëmfeld**.

- Dat trotz wesentlech Méi-Ausgaben an der **Verdeedegung**. Ee Plus vun **366 Milliounen Euro** am Verglach zum Pluriannuell.

- Dat trotz **Energie**-**Entlaaschtung** fir Leit a Betriber. Ee Plus vun **150 Milliounen Euro** am Verglach zum Pluriannuell.

- Dat trotz engem weiderhi **ganz héijen Invest** an d'Moderniséierung vun eisem Land.

- **Rekordverdächteg 4,8% vum PIB**. Ronn **500 Milliounen Euro** méi ewéi d'Moyenne vun de 4% aus de lescht Joren.

- Dat trotz enger **Sozialronn** mat engem **verantwortungsvollen Invest an de soziale Fridden.** Net virgesinne Käschte fir de Staat: **190 Milliounen Euro.**

- **Alles an allem ronn 900 Milliounen Euro** déi net am Pluriannuell mat agerechent waren**.**

- **Dës Ausgaben aleng** maachen **51,2% vu der Progressioun** vun **5,7% vun den Ausgaben** aus**.**

- All dëst féiert am nächste Joer zu engem **liicht negative Schéiereffekt** tëscht Einnamen an Ausgaben**.**

- Awer – an dat ass wesentlech – alles **Ausgaben** déi an dësen Zäite **wichteg fir eist Land a seng Leit** sinn.

- **Zu deem stinn ech als Finanzminister.**

  ***Här President,***

- Domadder ass dëse Budget Ausdrock vun enger **volontaristescher** an **anti-zyklescher Politik** vum **Matenee wuessen.**

- Trotz enger **ugespaanter wirtschaftlecher Konjunktur** steet eis **Finanzplanung** fir **Previsibilitéit** a **Stabilitéit**.

- Wichteg fir eisen **Triple A**.

- Eis **ëffentlech Schold** bleift **däitlech ënnert 30%.**

- Mir iwwerhuele **Verantwortung a Solidaritéit** an der internationaler Staategemeinschaft.

- Mir suerge fir **d'Stabilitéit vun eiser Wirtschaft**.

- Mir sécheren **d'Fundamenter vun eisem Sozialstaat** of.

# 5. Prioritéite vum Budget 2026

## 5.1. Ee Budget fir ee Lëtzebuerg als verlässlechen internationale Partner

- Matenee wuessen heescht **Brécke bauen**. Heiheem an dobaussen.

### 5.1.1. Verdeedegung & Baussecht Sécherheet

***Här President,***

- Néierens ass de **Matenee** méi **gefuerdert**, wéi an eiser **Verdeedegung**.

- Et ass eng **Fro vu Fridden oder Krich**. **Fräiheet oder Ënnerdréckung.**

- A **mir wielen d'Fräiheet.**

- Mir respektéieren duerfir eis **Engagementer an der NATO**.

- **Solidaritéit** mat eisen Alliéierten ass eis Flicht.

- Eise **Verdeedegungs-Effort** geet 2026 op **2%** vum nationale Räichtum. **5% bis 2035**.

- Fir **2026**, Stand haut, **Ausgabe vun 1,3 Milliarden Euro**.

- Ee **Plus** vun enger **hallwer Milliard** am Verglach mam Budget 2025.
- Dës **Sue** ginn an den **Ausbau vun eise Kompetenzen**. An d'**Satellitten**, d'**Cyber-Verdeedegung** an d'**Fuerschung**.

- Mam **Opbau vun enger Cyber Defence Cloud**. Ausgabe vu **94 Milliounen Euro** bis 2029.

- Mat enger **méi héijer staatlecher Bedeelegung** un der Gesellschaft **LuxGovSat. +101 Milliounen Euro.**

- Mam Kaf vun nationale Kapazitéite vum **GovSat2** an Héicht vun **150 Milliounen Euro** bis 2029.

- An weidere Kapazitéiten um **GovSat1**. Fir **35 Milliounen Euro** bis 2028.

- Dëse **Mateneen** hält net op de Grenzen op. Mir ënnerstëtzen **d'Ukrain weider**. 2026 fir **80 Milliounen Euro**.

- Eng **glafwierdeg Verdeedegung** brauch eng **glafwierdeg Finanzéierung.** Gréisstendeels iwwer de Staatsbudget.

- Ouni **nei Weeër** auszeschléissen.

- Duerfir leeë mir och als **éischten europäesche Staat** en ***Defence Bond*** op.

- **150 Milliounen Euro iwwer 3 Joer**. Eng **Staatsobligatioun**, déi d'**Leit direkt kënne kafen**. **Steierlech** begleet.

- Donieft **Mobiliséierung** vu **weiderem Kapital** iwwer ee Fong vun der **SNCI** fir d'Entwécklung vu sougenannten dual-use Gidder - Material mat engem zivillen a militäreschen Notzen.

- Mat och enger Bedeelegung vum **Staat**. **40 Milliounen Euro** iwwer déi nächst 4 Joer.

- Jo, dës **Verdeedegungs-Ausgabe** sinn eng **Erausfuerderung** fir eise Budget.

- Awer duerch eis **zolidd Finanzen** an eng **innovativ Finanzéierung** kënne mir se stemmen.

- **Ouni** bei den **Investitiounen** oder beim **Sozialen zeréckzestoen**.

### 5.1.2. Méi Entwécklungshëllef

***Här President,***

- Och an eiser **Kooperatioun** sti mir **net zeréck**. Aus **Iwwerzeegung**.

- Mir investéiere weiderhi ronn **1% vun eisem nationale Räichtum (RNB**) – an d'Entwécklungshëllef.

- Dozou gehéieren och **2 nei Kooperatiounsaccord'en an 13 nei strategesch Partnerschaften**.

- Grad wéi weider **Akzenter an der internationaler Klimafinanzéierung**: **45 Milliounen Euro** am Joer 2026.

- **Mam Flüchtlings-Accueil** – geschaten 243 Milliounen Euro, läit domat d'Entwécklungshëllef am breede Sënn bei **1,36% vum RNB**. 872 Milliounen Euro.

### 5.1.3. Méi Finanz- a Wirtschaftsdiplomatie

- **Matenee wuessen** – och duerch eng **Weiderentwécklung** vun eiser **Finanz- a Wirtschaftsdiplomatie**.

- **Zesumme mam Vizepremier an Ausseminister Xavier Bettel** zéie mir un engem Strang.

- Konkret ginn d'**Kreditter** fir den **Aussenhandel** am Ausseministère ëm **22% an d'Luucht**. Op 14,5 Milliounen Euro. Ee Plus vun 2,6 Milliounen Euro.

- Fir **d'Promotioun vun eiser Finanz- a Wirtschaftspolitik** dobaussen.

- Kuerzfristeg mat **7 neie Missiounen**. Alleguerte mat enger **wirtschaftlecher Thematik als Schwéierpunkt**.

- Ee weidert Zil: mir wëllen an alle **regionalen Entwécklungsbanke** vertruede sinn. Wichteg fir de **Mateneen dobaussen.**

- Donieft peile mir **d'Zuel vun 100 Duebelbesteierungsofkommessen** un.

- Si bidden eise Betriber **Rechtssécherheet**. Si zéien **nei Aktivitéiten op Lëtzebuerg.**

### 5.2. Ee Budget fir méi sozialen Zesummenhalt heiheem

***Här President,***

- Een **zentraalt Element vum Matenee wuessen:** de **sozialen Zesummenhalt**.

- Een **zentraalt Element** vum **Lëtzebuerger Wirtschaftsmodell**.

- Matenee wuessen heescht de **sozialen Zesummenhalt hei am Land stäerken.**

- Mat weiderhin **héije Sozialtransferten. 46%** vum Budget. Trotz méi héije **Militärausgaben**.

- Mat enger **resolutter Bekämpfung vun der Aarmut**. Si ass **net akzeptabel.**

### 5.2.1. Fir d'Famill, d'Kanner an d'Leit alleguerten

- Matenee wuessen heescht **d'Kanner an den Zentrum** vun eiser Politik stellen.

- Duerfir klammen d'Ausgabe vun der **Zukunftskeess** och d'nächst Joer op bal **1,6 Milliarden Euro**.

  - **1,1 Milliard Euro fir d'Kannergeld** ;
  - **436 Milliounen Euro** fir de **Congé parental** ;
  - **33 Milliounen Euro** fir **d'Allocations de rentrée scolaire** ;
  - **13 Milliounen Euro fir d'Gebuertszoulagen**.

- Mat **steierlecher Entlaaschtung fir Jiddereen**.

- An domadden wier ech beim **Méi Netto vum Brutto**.

- Och **d'Steiere** spillen eng **entscheedend Roll beim Matenee wuessen** a beim **sozialen Zesummenhalt**.

- Grad déi **breet Mëtt** hält hei **Villes beieneen.**

- Duerfir **entlaaschte mir d'Leit och steierlech** weider.

- No enger **1. Upassung vum Steierbarem** op den 1. Januar **2024** vu **4 Indextranchen. Fir 480 Milliounen Euro.**

- Nom **Entlaaschtungspak** op den **1. Januar 2025**. Mat **Entlaaschtunge** fir d'Leit vun iwwer **420 Milliounen Euro**.

- Mat engem **steierbefreite Mindestloun**.

- Mat gezielten **Entlaaschtunge fir Elengerzéier**. **Keng Steiere méi** bis zu engem **Brutto** vu bis zu **52.400 Euro**.

- Elo vun **2026** un: **bei gedeeltem Kannergeld** eng **Steierbonifikatioun pro Kand a pro Joer vun 922,5 Euro** fir déi Elteren, déi **net** an der Steierklass **1a** sinn.

- Donieft och **steierlech Ureizer** fir fräiwëlleg méi **laang schaffen ze goen**.

- Dëst mat engem **Abattement vu 750 Euro de Mount. 9.000 Euro d'Joer.**

- Virop fir **Leit mat klengem a mëttlerem Akommes**.

- **Ronn 2.200 Euro manner Steiere** bei engem versteierbaren Akommes vu **40.000 Euro** an der **Steierklass 1.** Ronn **3.700 Euro** bei engem versteierbaren Akommes vun **100.000 Euro.**

- Mat méi **Ofschreiwungen** och fir **Zousazpensiounen**. **4.500 Euro** amplaz 3.200 Euro elo.

- Méi Entlaaschtung och duerch **déi geplangten Aféierung vun enger eenheetlecher Steierklass.**

- Zil: ee **konsensfäegen neie Steiermodell, deen all Famill d'selwecht behandelt**.

- Een neie Modell fir eis **Gesellschaft vun haut**. Ee **Modell**, deen op d'**Liewenswierklechkeet setzt.**

- D'Entscheedung vum **Familljemodell** läit bei de **Leit**. Net beim **Staat, net bei der Politik**.

- Déi **steierlech Situatioun** soll net beaflosst ginn, wann **d'Familljesituatioun** abrupt **ännert**. Bei enger Scheedung, bei engem Doudesfall. Also, méi steierlech **Planungssécherheet**.

- Eng **Reform** déi den **1. Januar 2028** soll a Kraaft sinn.

- Eng Reform, déi vill **Leit direkt** wäert weider **entlaaschten**.

- **85%** vun de Leit wäerten **Interessi** hunn, an déi nei **eenheetlech Steierklass ze wiesselen.**

- Fir déi aner **15%** schafe mir ee generéisen **Iwwerganksregimm**. Mat laangen **Iwwergangszäiten**.

- Et geet och hei ëm **méi, net manner Mateneen**.

### 5.2.2. Fir méi bezuelbare Wunnengsbau

***Här President,***

- **Ouni Doheem kee Mateneen.** All Ëmfro weist et: **d'Wunnen** ass déi **gréisst Suerg** vun de **Leit**.

- De **Staat** iwwerhëlt **seng Verantwortung**. Mat neien Akzenter.

- Ech sinn duerfir frou, datt dëse **Mateneen och mam Wunnengsbauminister Claude Meisch spillt.**

- **D'Zil** ass kloer - **méi an och méi bezuelbare Wunnraum.**

- Duerch de **VEFA-Opkafprogramm** vum Staat mat **480 Milliounen Euro iwwer 4 Joer.**

- Stand 30. September 2025 goufen hei **248 Wunnenge** fir gutt **151 Milliounen Euro** als VEFA actéiert.

- Donieft nach eemol **Reservatiounsverträg** fir ronn **155 Milliounen Euro an 237 Wunnengen**. Anerer sinn ënnerwee.

- Am Ganzen deemno **485 Wunnenge fir ronn 306 Milliounen Euro.**

  Méi bezuelbare Wunnraum och duerch **d'Finanzéierung iwwer de Spezialfong fir abordabele Wunnraum.**

- Alles an allem Ausgabe vu ronn **2 Milliarden Euro iwwer déi nächst 4 Joren.**

- Mat **Bedeelegung** iwwer déi **nächst 4 Joren u Projete** vun:

  - **dem Fonds du Logement**: zu Biwer, Diddeleng, Esch, Iechternach, Mamer, Suessem, Wolz: **453 Milliounen Euro;**
  - **der SNHBM:** zu Contern, Dikrech, Kielen, Stad, Miersch, Péiteng, Réiser, Schëtter, Suessem **: 317 Milliounen Euro**;
  - de **Gemenge selwer: 280 Milliounen Euro**;
  - de **privaten Acteuren** an **Asbl'en**: **280 Milliounen Euro.**

- De ***Bailleur social*** gëtt ënnerstëtzt. Mat duerchschnëttlechen **Zouwendunge vun 28 Milliounen** Euro d'Joer déi nächst 4 Joren.

- D'**Wunnengsbäihëllefe** fir d'Leit ginn an d'**d'Luucht**.

- Sou z.B. **d’Loyer-Subventioun** déi bestänneg klëmmt. Vu **45 Milliounen Euro 2026 op 60 Milliounen Euro 2029.**

- **D’Zënssubventioun** bei de **Scholdzënse** vun **Immobiliekreditter. 2026**: **30 Milliounen Euro. 2029: 45 Milliounen Euro.**

- Déi **zäitlech begrenzte Moossname** fir de Wunnengsbau hunn hier **Wierkung** gewisen.

- **Eng Hausse** vun **91% bei de VEFA-Akten** déi **éischt 9 Méint 2025** am Verglach zu 2024. +73% am Verglach zu 2023.

- D’Moossname sinn op den **30. Juni 2025** ausgelaf. Am **Konsens** mat der Chamber. **Ausnam: de „bëllegen Akt“.**

- Nach ass **d’Situatioun am Neibau fragil.** Mir bleiwe **reaktiv.**

### 5.2.3. Fir déi méi Schwaach an eiser Gesellschaft

***Här President,***

- **Kee Mateneen ouni e staarke Sozialstaat. E Sozialstaat** mat **groussem S.**

- Mir wëllen déi **méi Schwaach an eiser Gesellschaft geziilt ënnerstëtzen.**

- Eng **direkt Sozialpolitik** – **komplementar** zur **indirekter Sozialpoliitk vun de Steieren.**

- Dat an enker **Zesummenaarbecht** mam **Familljeminister Max Hahn.**

- Déi erhéichten **Deierungszoulag**, d'**Energieprimm** an déi **erweidert Energieprimm** bleiwen och 2026 **bestoen**. Käschtepunkt: 120 Milliounen Euro.

- Mat dem **automateschen Ausbezuelen un d'REVIS-Bezéier**. +6,2 Milliounen Euro 2026. Insgesamt 32,5 Milliounen Euro.

- Mat **Verbesserunge beim *Complément* fir eeler Leit**, déi sech keng Betreiungsstruktur leeschte kënnen. +3 Milliounen Euro. Am ganzen 12 Milliounen Euro.

- D'**Sozialämter gi gestäerkt**. Fir eng besserer **Begleedung bei Wunnprojeten**. **An den Office national d'inclusion sociale kënnt méi Personal.**

- Matenee wuessen heescht och **Gläichberechtegung am Alldag.** Nach laang **keng Selbstverständlechkeet.**

- Och a virun allem fir **Persoune mat spezifesche Besoin‘en**.

- **5,8 Milliounen Euro d’Joer** fir e **besseren Zougang zu ëffentleche Gebaier a Plazen**. Zesumme mat de Gemengen.

- **Zougang zum séieren Internet**. Mat enger Primm fir d’Empfänger vun enger Deierungszoulag. Käschten 2026: **1,8 Milliounen Euro.**

- Méi Sue fir den **Accueil an d‘Ënnerbréngung vu Flüchtlingen**: Gesamtkäschtepunkt 2026: 243 Milliounen Euro, ee Plus vu 5 Milliounen Euro.

### 5.2.4. Fir eng gutt Gesondheetsversuergung fir Jiddereen

***Här President,***

- Gesondheet ass eng **Investitioun an d’Wuelbefanne vum Mënsch.** Heifir setzt sech **d’Gesondheetsministesch** Martine Deprez an.

- Duerfir geet de **Gesondheetsbudget zolidd an d’Luucht. +46,7 Milliounen Euro** oder +10,5% am Verglach zu 2025. Am ganze **494,0 Milliounen Euro**.

- Eis **Spidolslandschaft** wiisst. Bis **2040** si ronn **600 zousätzlech d’Spidolsbetter** geplangt.

- D’Ausgabe vum **Spidolsfong** klammen **2026 op 275 Milliounen Euro**. Bal eng Verdueblung: +99%.

- Et gëtt **gebaut, moderniséiert an digitaliséiert:**

    - fir dat **neit CHL-Gebai** 2026: 136,5 Milliounen Euro;
    - 16 Milliounen Euro fir **d’Südspidol**;
    - 3,4 Milliounen Euro e.a. fir **d’CHEM-Pediatrie** zu Esch;
    - 2,4 Milliounen Euro fir **d’Zithaklinik**;
    - 2,5 Milliounen Euro fir **d’Urgence am Centre hospitalier du Nord.**

- **Technologie** gëtt ëmmer **méi wichteg**: **10,7 Milliounen Euro fir Digitaliséierung** an de Spideeler.

- Donieft och Ausgabe fir de Kaf vun **Impfstoffer** fir 21 Milliounen Euro. Ee Plus vun iwwer 42%. Fir **méi Präventioun.**

### 5.2.5. Fir d’Leit op der Sich no enger Aarbecht

- Grad bei der **Aarbechtslosegkeet** muss de **Matenee** spillen. A Form vu **nationaler Solidaritéit**.

- Mir wëlle weider **präventiv handelen**. An **d’Aarbecht, net an de Chômage investéieren.**

- **D’Ausgabe** vum **Beschäftegungsfong klammen** ëm 60,4 Milliounen Euro am Verglach zum leschte Joer. Op elo insgesamt 1,3 Milliarden Euro. +5%.

- **D’Beschäftegungsmoossname** stellen dobäi de gréissten Deel duer. Mat iwwer 50% vun den Ausgaben.

- Weider **43,6 Milliounen** Euro fléissen an **d’Formatioun**.

- Dorënner och den **nationale Skillsplang**. Esou hale mir d‘Leit am **Aarbechtsmarché** a steigeren eis **Kompetitivitéit**.

- Bis **2029** sinn dofir **7 Milliounen Euro** virgesinn.

- Donieft **15,3 Milliounen Euro fir d’Bekämpfung vum Jugendchômage.** Eng **besonnesch Erausfuerderung.**

- Dat selwecht gëllt fir **d’Bekämpfung vum Laangzäit-Chômage**:

    - 32,3 Millioune fir **Hëllefe fir d’Betriber**;
    - 19,2 Millioune fir **Hëllefe fir Chômeuren**.

#### 5.2.6. Fir méi Mateneen: Bildung, Kultur a Sport

***Här President,***

- **Matenee wuesse** brauch och eng **Kultur vum Mateneen**.

- **Schoul, Sport a Kultur** stäerken den **Zesummenhalt an eiser Gesellschaft.**

- **Bildung** ass dee **beschte Schutz géint Aarbechtslosegkeet**.

**Educatioun**

- Eis Schoul, dat sinn **118.000 Kanner a Jugendlecher**. **2.000 Schüler méi wéi nach virun engem Joer.** Tendenz steigend.

- De **Budget** vun der **Educatioun** beleeft sech d'nächst Joer op **4,7 Milliarden Euro**. 9,2% méi wéi 2025.

- Och d'**Investitiounsfonge gi massiv opgestockt**. Op 268 Milliounen Euro.

- Ee **Plus vun 108 Milliounen Euro** fir d'Lycéeën, Zentren a Strukture fir eis Kanner a Jugendlecher.

- Fir nei **Schoulen a Betreiungsplazen** ze bauen.

- Den **Educatiounsministère** gëtt sëlwer **Bauträger**. Fir méi séier, méi effizient a méi flexibel kënnen ze bauen.

- Mir bauen **net just Gebaier – mir schafe Perspektiven**.

***(Accueil an Encadrement vun eise Kanner)***

- Iwwer déi nächst Jore ginn **10.000 weider Plazen an Accueils- an Educatiouns-Strukture** gebraucht.

- Fir dës Plazen ze erhale setze mir **punktuell Ännerunge beim Chèque-Service Accueil** ëm.

- **Fair Tariffer an eng besser Qualitéit.**

- **D'Subventioune ginn duerfir deels revaloriséiert**: vu 6 op 7 Euro pro Stonn fir d'Betreiung. Ee Plus vun **41 Milliounen Euro**.

- Gesamtausgaben fir den Accueil an den Encadrement: gutt **871 Milliounen Euro 2026**. 1 Milliard Euro 2029.

- D'Nofro no **Museksunteriicht** klëmmt. 2024/2025 waren et **iwwer 22.000 Kanner**. Tendenz steigend.

- **D'Offer** gëtt **ausgebaut**. Ee Plus vu 14,2 Milliounen Euro. Gesamtausgaben vun 78,7 Milliounen Euro fir de Staat.

- Och **d'Studentebäihëllefe** klammen ëm 5,4 Milliounen Euro d'nächst Joer. Am Ganzen 181,3 Milliounen Euro.

**Kultur**

***Här President,***

- Dës Regierung steet fir eng **Kultur, déi verbënnt**.

- Mat ronn **290,2 Milliounen Euro** fir 2026 bleift de Budget fir eis Kultur duerfir op engem **héijen Niveau**.

- **Kultur** ass **Integratioun, Inklusioun, Empathie. Mateneen also**.

- D'Ëmsetzung vum **nationale Kultur-Aktiounsplang** ass duerfir eng **Prioritéit fir d'Regierung.**

- Zilsetzung: **Kultur fir jiddereen** – egal wou een hierkënnt, egal wat een huet, egal wéi al een ass, egal wou ee lieft.

- Den **Zougang zur Kultur**. Eng Fro vu Gerechtegkeet.

- Dës läit dem **Kulturminister Eric Thill** besonnesch **um Häerz.**

- **Kultur-Solidaritéit ouni Grenzen**: duerfir ënnerstëtze mir den Ukrainian Heritage Fund – fir de Schutz vum kulturelle Patrimoine an der Ukrain.

- Kultur bedeit och **Verantwortung fir eise Patrimoine heiheem.**

- Mat gezielten **Investissementer** an d'**Schlass vu Beefort, d'Schlass vu Veianen, d'Schieferanlagen zu Maarteleng**. 27,2 Milliounen Euro bis 2029.

- Esou erhale mir eis **Geschicht** a **maachen se erliefbar** – fir déi nächst Generatiounen.

- Awer och ee **Matenee mat vergaangene Generatiounen.**

- Duerfir **investéiere** mir an eis **Musée, Kulturzentren, Theateren a Musekshäiser**. Duerchschnëttlech 133,8 Milliounen Euro pro Joer.

**Sport**

***Här President,***

- **Sport verbënnt** – a kaum eppes beweegt eng Gesellschaft esou wei de Sport.

- De **Sport** stäerkt den **Zesummenhalt**, den **Equippegeescht**. Queesch duerch **eis Gesellschaft**.

- Lëtzebuerg zielt **67 Sports-Federatiounen**. Iwwer **1200 Clibb** a méi wéi **137.000 Lizenzéierter.**

- Mir wëllen eis **Sportler besser begleeden**. Duerch ee professionellt Ëmfeld.

- Mat méi **Subsiden** an ee besseren **Encadrement an de Federatiounen**. Hei sinn 2026 ronn 8,8 Milliounen Euro virgesinn.

- Wéi ech weess, och e grousst Engagement vum **Sportsminister Georges Mischo.**

- Och **d’Veräiner** ginn ënnerstëtzt. Mat engem **Basissubside** an dem Subside Qualité+. 5 Milliounen Euro d’nächst Joer.

- Mir wëllen de Sport a senger Villfalt weisen. Mat engem **neie Sportsmusée zu Esch** fir 28 Milliounen Euro.

- Mat de Gemenge gi mir nei Weeër. 2,1 Milliounen Euro fir d‘**Sportscoordinateure**. Fir de Sport lokal ze organiséieren. Fir d’Infrastrukturen efficace ze notzen.

## 5.3. Ee Budget fir eng nohalteg Wirtschaft

***Här President,***

- Ee **staarke Sozialstaat** geet Hand an Hand mat **enger staarker Wirtschaft.**

- Méi **Diversifikatioun** – mat geziilten Investitiounen an **Zukunftsberäicher**.

### 5.3.1. Mat enger staarker Finanzplaz

- **Eis Finanzplaz** – dat ass ee **Véierel vun eiser Wirtschaftsleeschtung. Dat si ronn 73.000 Salariéeën.**

- Si steet fir een **Drëttel vun eise Steiereinnamen.**

- Et ass duerfir **net einfach d'Finanzplaz,** mä et ass **eis Plaz.**

- Mir **stäerken eis Finanzplaz** nohalteg.

- No der Exoneratioun vun der **Taxe d'abonnement** fir aktiv geréiert cotéiert Fongen, sougenannten **ETF'en**.

- An der **Reduktioun vun der Kierperschaftssteier** ëm 1%-Punkt. E **weidere Schrëtt** ass fir d'Steierjoer 2027 ugeduecht.

- Eng méi attraktiv Besteierung vum sougenannte ***Carried Interest*** – der Bedeelegung vum Fongemanager un der Iwwerperformance vum Fong.

- Virop fir **alternativ Investitiounsfonge.** Fir **nei Aktivitéiten** op Lëtzebuerg ze zéien. Ouni steierlechen Ausfall.

- Mir droen den Entwécklungen dobausse Rechnung. A setzen dobäi op déi **neisten Technologie**.

- Virop am **Fintech** an och an der **Kënschtlecher Intelligenz.**

- Dozou gehéiert z.B. de Lancement vum **FundTech Accelerator.** Fir déi digital Transformatioun vun der Fongenindustrie.

- Oder d'Schafe vun engem **AI Experience Center** mat Hëllef vum Luxembourg House of Financial Technology, dem LHOFT.

- Mat och enger neier Investitiounspolitik vum ***Fonds souverain intergénérationnel***. Mat 15% vun den Avoire fir alternativ Investissementer. Dorënner elo schonn 1% a Bitcoin.

- Dem *Fonds souverain* säi Gesamtverméige beleeft sech Enn 2026 op **850 Milliounen Euro**.

- Mam **digitale Certificat de trésorerie** gräife mir och als Staat op déi sougenannte Blockchain-Technologie zréck.

- Eis Finanzplaz ass net just do fir sech selwer. Mä och **fir eist Land a seng Leit.**

- An och fir eis **Realwirtschaft**. Mat **positiven Iwwerdroungs-Effekter** a Saache **Wuesstem an Iddien**.

### 5.3.2. Mat enger méi digitaler an innovativer Wirtschaft

***Här President,***

- Matenee wuessen heescht och **mateneen Zukunft denken a gestalten.**

- Mir stelle Lëtzebuerg duerfir op **méi breet Féiss.**

- Mat **Investitiounen** an den **Innovatiouns- an Technologie-Standuert Lëtzebuerg,** an eise **Film-Standuert** an an eis **Landwirtschaft**.

- Mat **Ënnerstëtzung och fir de Mëttelstand. D'Réckgrat vun eiser Wirtschaft.**

***Méi Innovatioun duerch KI, Datewirtschaft, Quanten- a Weltraumtechnologie***

- Lëtzebuerg als **Tech-Pioneier**.

- Virun allem an der **Kënschtlecher Intelligenz, Datewirtschaft a Quantentechnologie.**

- Matenee wuessen – och fir de **Wuesstem vu muer.**

- Duerfir gi bis 2029 zousätzlech **424 Milliounen Euro fir d'KI-Strategie, Cloud an Data** bereet gestallt**.**

- Ee wichtegt Uleies och fir de **Wirtschaftsminister Lex Delles.**

- Mam neie **Superrechner**, dem **MeluxinaAI**, gëtt **d'Innovatioun secteur-iwwergräifend gestäerkt**.

- Dat mat **57 Milliounen Euro** am Joer 2026 fir **de MeluxinaAI an d'Luxembourg AI Factory.**

- Mir siche **Synergie mam Privatsecteur**.

Dozou gehéiert déi strategesch **Partnerschaft mat Mistral AI.** Mat **Büroen zu Lëtzebuerg**.

- Fir een **neien Ekosystem**. Dat schaaft **Aarbechtsplazen**. Käschtepunkt: **11 Milliounen Euro**.

- Weider gëtt och een **DeepTechLab** opgebaut. Zesumme **mam Privatsecteur**. Och dat e wichtege Mateneen.

- **Lëtzebuerg als Innovatiouns-Standuert** positionéieren heescht och d'Fuerschung mobiliséieren.

- Mat engem **Plus vu 7 Milliounen Euro fir d'Uni Lëtzebuerg: +2,7%.** Insgesamt **268 Milliounen Euro.**

- E Plus och vun **1,9 Milliounen Euro fir de Luxembourg Institute of Science and Technology** (LIST): +3,2%. Een Total vu **60,7 Milliounen Euro**.

- E Plus vun **1,5 Milliounen Euro oder +3,1% fir de Luxembourg Institute of Health** (LIH). Am ganzen **49,6 Milliounen Euro**.

- Mir investéieren an eng **Quantum-Kommunikatiounsinfrastruktur.**

- Ronn 2,4 Milliounen Euro déi nächst 2 Joren. Fir eng méi **sécher Kommunikatioun**.

- Weider Investitiounen an de Weltraumsecteur. Mat engem **neie Space Campus.**

- Dorënner och een **Testzentrum** an een neit Gebai fir **d'Luxembourg Space Agency** (LSA).

- Donieft – Bedeelegungen un de Programmer vun der ***European Space Agency*****.** Mat **264 Milliounen Euro** iwwer déi nächst 4 Joren.

- Kuerz gesot: **Zukunft virbereeden.**

***Mat Ënnerstëtzung fir d'Betriber an och dem Start-up Secteur***

***Här President,***

- **Keng Technologie kann de Mënsch ersetzen**. A scho guer net de mënschleche Mateneen.

- Duerfir setze mir weider op **Talenter**. Vun **heiheem a vun dobaussen.**

- 2025 hu mer de **Regimm vun der Bedeelegungs-Primm** ausgebaut.

- An och de sougenannten **Expat-Regimm** méi **attraktiv** gemaach.

- Mam **Fokus och op deene Jonken**. Iwwert d'**Jobstarter-Primm**. Alles zesumme fir ronn 25 Milliounen Euro.

- Donieft ee **Steierkredit** fir déi bezuelten **Iwwerstonne vun eise Frontalieren**.

- Weider **Efforte** sinn néideg - **d'Konkurrenz** schléift net.

- Mir stäerken duerfir **jonk innovativ Betriber**. Mam **Start-up Aktiounsplang**.

- Ënnert anerem mat engem **Steierkredit bei engem Invest** an dës Betriber. Maximal 20% vum investéierte Kapital.

- Mat enger Limite vun **100.000 Euro pro Steierjoer**.

- Mir schafen een neie **Regimm fir Optiounen** op Aktien an enger **Start Up**. Dat ob enger **gesetzlecher Basis**.

- Dat, **ouni d'Abuse** vum Stock Options Regimm aus der Vergaangenheet.

- Zil: **nei Talenter** fir dës Betriber **unzéien.**

- **Eng Finanzsprëtz** och **fir eis Mëttelstandsbetriber**. **Mat engem Null-Zëns-Prêt** vun der SNCI.

***Medien- a Filmstanduert an Ausbau vum Tourismus***

- Och bei der Medielandschaft ënnerstëtzt d'Regierung déi **digital Transformatioun.**

- De Budget fir de **Medien- a Kommunikatiounsservice** klëmmt op 94,5 Milliounen Euro am Joer 2026.

- **Lokal Radioe** kréien den Iwwergang op déi **digital Diffusioun** erliichtert.

- Fir hire Missioune kënnen nozekommen, kritt **d'ALIA – d'autorité luxembourgeoise indépendante de l'audiovisuel – 2026 zousätzlech 1,7 Milliounen Euro. Insgesamt 3,6 Milliounen Euro.**

- Nei Weeër och beim **Filmfong**.

- Mat 1,3 Milliounen Euro stäerke mir de Secteur vun de **Videospiller**.

- Ee Secteur, mat neie Méiglechkeete fir **kreativ Talenter an Aarbechtsplazen**.

- Domadder ënnerstëtze mir **déi kulturell Offer an déi artistesch Aktivitéit.**

- Dat maache mir **och am Tourismus**. Mir **valoriséieren** eist Land. Mir fërderen déi **regional Entwécklung**.

- Dozou gehéiert och den **Event Tourismus. 5,6 Milliounen Euro** iwwert déi nächst 4 Joer.

- Mat enger Alimentatioun vum **Tourismusfong** vu **60 Milliounen Euro** vun 2026-2029.

***Landwirtschaft an de Wäibau***

***Här President,***

- **D'Landwirtschaft**, mat enger **zentraler Roll an eiser Gesellschaft**.

- D'Aktivitéite vun eise **Wënzer, Baueren a Geméisbaueren –** ee wichtegen Deel vun der **Identitéit** vun eise Regiounen an Dierfer.

- Och fir **d'Landwirtschaftsministesch Martine Hansen.**

- Dem Landwirtschaftsministère stinn **225 Milliounen Euro fir 2026** zur Verfügung. +6,8 Milliounen Euro.

- Méi **Liewensmëttelsécherheet,** méi **lokal Produktioun:** duerfir ënnerstëtze mir **Zerre fir Uebst a Geméis.** Fir 20 Milliounen Euro 2026.

- Méi **Digitaliséierung**. Fir eng rentabel an eng nohalteg Bewirtschaftung.

- Duerfir een **digitale Parzellepass** an ee **Regëster fir Veterinärs-Medikamenter**.

- Méi **Innovatioun och am Wäibau**. Keng Akzisen op **deels desalkoholiséiertem Wäin.**

- Méi **Ënnerstëtzung** fir **d'Hierschtleit** – also deene Leit, déi de Wënzer wärend der Lies ënnert d' **Äerm** gräifen.

- De **Plaffong vun der forfaitairer Lounsteier** vun 3% geet vun 18 op 30 Deeg an d'Luucht. De **Stonneloun geet op 18 Euro.**

### 5.4. Ee Budget fir e nohaltegt, modernt a séchert Land an engem staarke Staat

***Här President,***

- Matenee wuesse geet just mat **Infrastrukturen, déi matwuessen.**

#### 5.4.1. Mat méi Digitaliséierung

- De **Staat** setzt selwer verstäerkt op **d'Digitaliséierung** – verwaltungsiwwergräifend.

- **D’Ausgaben** an deem Beräich klammen ëm 13,9 Milliounen Euro. Op 340,3 Milliounen Euro am Total. Gesamtausgaben vun **1,3 Milliarden Euro** iwwer déi nächst 4 Joer.

- Eng Prioritéit och vun der **Digitalisatiounsministesch Stéphanie Obertin.**

- Den **CTIE** – den Zenter fir Informatiounstechnologië vum Staat – bleift een Haaptacteur. Mat 40 Milliounen Euro fir **nei informatesch Projeten.**

- D‘**Digitaliséierung** ass de **Motor** fir **méi séier Prozesser**, fir manner **Bürokratie**, fir eng konstant **Verbesserung** vum **Déngscht** um Bierger.

- Duerfir méi wéi 17 Milliounen Euro fir **d’Weiderentwécklung vum MyGuichet** bis 2029.

- 17 Milliounen Euro och fir **d’Digitaliséierung** an de **Finanzverwaltunge** fir 2026 **– Stéchwuert elektronesch Steiererklärung.**

- Investitiounen och an **d’Cybersécherheet** beim Staat.

- Fir eng **robust Krisegestioun** kritt den HCPN – de Kommissariat fir national Sécherheet – am Joer 2026 **2,7 Milliounen Euro** zur Verfügung gestallt.

### 5.4.2. Mat méi Nohaltegkeet

***Här President,***

- Matenee wuessen ass och ëmmer de **Matenee** mat eiser **Ëmwelt**. Och mat **kommende Generatiounen**.

- Mir halen un enger **ambitiéiser Klima- an Ëmweltpolitik** fest. **Mam Mënsch am Mëttelpunkt**.

- Fir dëst suergt an der Regierung den Ëmweltminister **Serge Wilmes.**

- D'Ausgabe fir de **nationale Klima- an Energieplang** belafen sech iwwer déi nächst 4 Joer op 13,6 Milliarden Euro. 3,4 Milliarden Euro 2026.

- Mam Zil **d'Zäregasemissioune** massiv ze **reduzéieren**.

- Duerch de konsequenten **Ausbau vun erneierbaren Energiequellen**.

- **Energeetesch Renovatioun an nohaltegt Baue** gëtt weider finanziell ënnerstëtzt.

- Matt **476 Milliounen Euro** iwwert d'Period 2026-2029.

- **450 Milliounen Euro** iwwert déi nächst 4 Jore fir d'Installatioun vu **Photovoltaik-Anlagen.**

- **Nei** ass **d'Virfinanzéierung** duerch de Staat. D'Leit strecken d'**Sue vum Subsid net méi vir.** Duerfir sinn 43 Milliounen Euro fir 2026 virgesinn.

- De Regimm vun de **Luedstatioune** gëtt weidergefouert an op **intelligent Luedsystemer** erweidert. Gesamtmontant: 10,3 Milliounen Euro.

- De **Klimabonus Mobilitéit** gëtt weidergefouert. Fir 56 Milliounen Euro. Eng **Klimapolitik mat de Leit a fir d'Leit.**

- De **Steierkredit CO2 geet ëm 24 Euro an d'Luucht**. 216 Euro bei engem Brutto-Loun vu bis zu 40.000 Euro. Duerno geet en **degressiv rof**.

- De **Staat iwwerhëlt** vun 2026 **Netzbenotzungskäschten** an Héicht vun 150 Milliounen Euro.

- Am Duerchschnëtt eng **Erspuernis fir d'Leit vun 3,9 ct/kWh**. Oder ronn 200 Euro d'Joer bei engem Verbrauch vu 5000 kwH/Joer.

- Mir **begleeden d'Betriber:** bei der **energeetescher Transitioun, bei der Renovatioun vu funktionelle Gebaier.**

- Dat mat Ausgabe vu **36,5 Milliounen Euro bis 2029**.

- Mir ënnerstëtzen **d'Handwierk an de Bau**. Mat **méi héijen** Ofschreiwunge fir d'Leit bei enger energeetescher Sanéierung vum Bestand.

### 5.4.3. Fir méi Mobilitéit

***Här President,***

- **Matenee wuessen heescht och mobil bleiwen**. Duerfir suergt d'Mobilitéitsministesch **Yuriko Backes.**

- **Mobilitéit verbënnt** a gutt Infrastrukturen si wichteg fir d'Leit.

- Mir **investéiere mat Wäitsiicht** fir ee Land wat sech beweegt. Dat **vernetzt** ass.

- De Budget vum Mobilitéits- a Bauteministère beleeft sech **2026 op 4,5 Milliarden Euro**. Ee Plus vun 10,8%.

***Mobilitéit***

- Bis **2035** rechent de Staat mat **40% méi Deplacementer**.

- Duerfir stelle mir **d'Weichen a Richtung Zukunft**.

*Zuch an Tram*

- **3,4 Milliarden Euro** fléissen iwwer déi nächst 4 Joer an **d'Schinn**. De **gréissten Invest an dësem Budget.**

- **D'Alimentatioun vum Fonds du rail** geet d'nächst Joer vu 680,5 op 742,7 Milliounen Euro an d'Luucht.

- D'Ausgabe belafen sech dobäi d'nächst Joer op **743 Milliounen Euro.**

- Dovunner 32 Milliounen Euro fir déi **nei Streck tëscht Lëtzebuerg a Beetebuerg.**

- 17 Millioune fir déi 2. Phase vun der **Gare Périphérique um Houwald.**

- Och beim **Tram ginn d'Weiche geluecht fir e konsequenten Ausbau.**

- D'Dotatioun vu **Luxtram** beleeft sech d'nächst Joer op ronn **73,8 Milliounen Euro**. 66,9 Milliounen dat Joer drop.

*Bus*

- De **Busverkéier** gëtt **gestäerkt**. Fir déi **nächst 4 Joren: Ausgabe vun iwwer 2**,**5 Milliarden Euro**.

- Dozou zielen e.a. Ausgabe fir de **Schoultransport**, de **Mobibus**, den **Adapto** an d'Busser vum **RGTR-Reseau**.

- Donieft och **Verännerunge beim TICE**. Mat engem neie Syndicat mixte tëscht Staat an de betraffene Südgemengen.

- Mat engem **Gesamtbudget (mat de Gemengen) vun 904 Milliounen Euro** iwwer déi nächst 10 Joer.

***Stroossennetz***

- Mä och **d'Stroosse gi net vernoléissegt**. Vill Leit bleiwen op den **Auto ugewisen.**

- **D'Ausgabe** belafen sech hei op **2,6 Milliarden** Euro déi nächst 4 Joren.

- **Déi gréissten Ausgabe fir 2026 ginn an:**

    - de **Käerjenger Contournement** : 10 Milliounen Euro
    - **d'Autobunnsstéck tëscht dem Gaasperecher an dem Beetebuerger Kräiz**: 50 Milliounen Euro
    - de **Contournement vun Housen** : 30 Milliounen Euro
    - den **Echangeur zu Steebrécken** : 15 Milliounen Euro

***Flughafen***

- Mir investéieren am ganze Land. Dozou gehéiert och de **Flughafen**.

- Ee **moderne Flughafen – eng strategesch Noutwendegkeet**. An och eng **Visittekaart**.

- Fir **Wirtschaft, Handel a Logistik. Fir den Tourismus. Fir eis Sécherheet a Resilienz.**

- Duerfir Invester an **d'Sécherheet:** mat der Schafung vun engem virtuelle Kontrolltower. Fir 44 Milliounen Euro 2026.

- Mat der **Stäerkung och vu LuxAirport.**

- Duerch e.a. eng **Kapitalerhéijung vun 202 Milliounen Euro**, dovunner 100 Milliounen Euro fir de Staat.

- A mam **Ausbau vun der Fuelfarm um Findel**, d.h. méi **Pëtrolsreserven**fir bal 21 Milliounen Euro vu 2025 bis 2027.

### 5.4.4. Fir e staarke Staat

***Här President,***

- E **staarke Staat** brauch **gutt Mataarbechter.**

- Hir **Aufgabe** gi méi a méi **komplex**. Och dat gesitt Dir an dësem Budget.

- Eise **Staat wiisst**. E gutt **Aarbechtsëmfeld** steigert d‘**Wuelbefannen**.

- Duerfir sollen déi dezentral **Co-Working Strukture** weider ausgebaut ginn. **160 nei Plazen 2026**.

- De **Gehälteraccord** gëtt weider **ëmgesat**. Eng **verdéngten Unerkennung** fir eis Beamten. An och **méi Formatioun**.

- No enger **Punktewäert-Erhéijung vun 2% fir 2025**. Eng weider **0,5% Punktewäert-Erhéijung fir d’Joer 2026**.

- Ee **Gesamtpak** vun **153 Milliounen Euro 2026**.

***...méi Sécherheet an engem staarke Rechtsstaat***

- **Matenee wuessen** brauch **Sécherheet.**

- Duerfir **stocke mir bei der Police** weider op**.**

- Ronn **220 Poste** kommen dat nächst Joer bei der Police bei.

- Mir stäerken domat **d’Police-Präsenz um Terrain**.

- Dozou passt och eng **modern Ausrüstung an Infrastruktur**.

- Déi vum **Inneminister Léon Gloden lang gefuerdert Bodycams** sinn elo do. An och nei Uniformen an Helmer.

- Fir eng **gutt equipéiert Police** als **staarke gudden Noper**.

- E gudden Noper wann et brennt, ass och de **CGDIS**.

- Hei **investéiere** mir an déi **zivil Sécherheet.** Duerfir kritt de **CGDIS 2026 9,7 Milliounen Euro** méi zur Verfügung. Insgesamt **166,5 Milliounen Euro** fir 2026.

- Dovunner **27,7 Milliounen** Euro fir d'Erneierung vun den **Infrastrukturen an Equipementer**.

- **Matenee wuesse** brauch weider och eng **Justiz**, déi **komplementar zur Police** ass.

- Dës **Complementaritéit** gëtt och vun der **Justizministesch Elisabeth Margue ënnerstëtzt.**

- Duerfir **moderniséieren an digitaliséiere**mir **d'Justiz weider**.

- **D'Kreditter fir d'Justiz** klammen 2026 op **375 Milliounen** Euro. Ee Plus vu 15 Milliounen Euro.

- A **7,4 Milliounen** Euro fir de **Rechtsbäistand**. D'Recht op Verdeedegung ass ee **Grondrecht vum Mateneen**.

- **Staark a stabil Institutioune**, déi funktionéieren, loossen och eise **Rechtsstaat an eis Demokratie wuessen**.

- An duerfir wäerten och **eis Gemengen ënnerstëtzt** ginn. Fir hir gesetzlech Missiounen ze erfëllen.

- D'Gemenge kréien 2026 insgesamt **1,66 Milliarde Gewerbesteier**. **Staatlech Dotatioune** vun 3,36 Milliarden Euro. **Ee Plus vun 183 Milliounen** Euro am Verglach zu 2025.

- **D'Subside** vum Inneministère déi d'Gemenge fir **d'Basisinfrastrukture** kréie ginn iwwerschafft: **270 Milliounen Euro bis 2029**.

- Mat engem **eenheetlechen Taux fir all Gemeng** – dat fir méi Equitéit an Transparenz.

**6. Ausbléck a Conclusioun**

***Här President, Dir Dammen an Dir Hären,***

- Mam Budget 2026 „Matenee wuessen" wëlle mir **méi Wuesstem mat méi Matenee schaafen.**

- An och **méi Matenee mat méi Wuesstem**.

- **Sou stäerke mir Lëtzebuerg an d'Leit heiheem.**

- Mir maachen eis **Hausaufgabe** fir **prett** ze sinn, wann **d'Konjunktur erëm unzitt**. An droen aktiv dozou bäi.

- **Éischt positiv Unzeechen** um Horizont sinn am **Niwwel vun der „historesch héijer Onsécherheet“** ze erkennen.

- **Nach keng ganz Reprise**. Mä si **stëmme mech virsichteg-optimistesch.**

- Mir mussen **dem Opschwong entgéintgoen**.

- Mat **Zouversiicht** amplaz **Angscht**. Mat **Vertrauen** amplaz **Zweifel**. Mat **Dynamik** amplaz **Stagnatioun.**

- Dëse **Budget** weist eis **nei Weeër fir neie Wuesstem** op.

- Mam **Mënsch am Mëttelpunkt**. Wëll de **Mënsch** ass de **Kär vun eisem Sozialmodell**.

- Fir e **Muer vu Wuesstem, Wuelstand a Wuelbefannen**. Fir **d'Leit alleguer.**

- **Fir dat ze bleiwen, wat mir sinn: e Land vum Mateneen.**

- Fir eis **Kanner.** Eis **Jonker**. Fir **eis alleguer.**

- Merci fir dësem **Budget vum Matenee wuesse breet zouzestëmmen!**